LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Luxembourg, le 21 DEC. 2018

Réf. 2018/229118

Dossier suivi par :
Dominique Faber
Tél : 247 86540

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 DEC. 2018

**Concerne :** question parlementaire n° 72 de Monsieur le Député Marc Lies.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire n° 72 de Monsieur le Député Marc Lies, en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration,

Corinne CAHEN

12-14, avenue Emile Reuter
L-2420 Luxembourg
Tél. (+352) 247-86500
Fax (+352) 247-86570
Adresse postale
L-2919 Luxembourg
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Réponse de Madame le Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire n° 72 de Monsieur le Député Marc Lies**

---

**Ass et richteg, datt Haiser déi vum OLAI geréiert gi carrement eidel stinn, esou zum Beispill zu Hesper 353, route de Thionville?**

D'Haus op der Nummer 353, route de Thionville zu Hesper gëtt zanter dem 31/07/2017 vum Fonds de Logement geréiert.

**Ass et richteg, datt Haiser mat grousser Wunnfläch zu Hesper 412, route de Thionville just vun ë puer Leit bewunnt ginn? Wa jo, wat sinn d'Grënn dofir?**

D'Haus soll Ufank Januar 2019 vun der Administration des Bâtiments publics renovéiert ginn. Momentan wunnen nach ee Célibataire an eng Famill am Haus, déi awer wéinst der Renovatioun d'Haus musse verloossen an och am deem Sënn informéiert gi sinn. De Célibataire gëtt vun der AIS begleet. D'Famill refuséiert d'Haus ze verloossen, esou dass eventuell juristesch Schrëtt envisagéiert ginn.

**Laut mengen Informatioune war am Flüchtlingsheem zu Hesper op 299, route de Thionville wärend 5 Woche keen assistant social vum OLAI erreechbar fir iwwert eng kommunal Zesummenaarbecht, wat d'Integratioun ugeet, ze schwätzen. Kann d'Madamm Ministesch eis dës Informatioun bestätegen? Wat ass de Grond fir d'Absence vum assistant social?**

Déi Informatioune sinn an der Form net richteg a kënnen esou net bestätegt ginn.

Fir d'éischt ass et emol esou, dass all Foyer permanent encadréiert gëtt an et sinn ëmmer Permanencë virgesinn, esou dass d'Bewunner vun alle Strukturen eng Hëllefsstellung vum OLAI kréie kënnen. Am Fall vun enger Urgence, ass den OLAI iwwert eng Permanence Nummer ze erreechen.

Am Fall wou Absencen entstinn, gëtt dat Personal, wat feelt, och ëmmer ersat, esou och an deem ugeschwate Fall, wou eng Assistante sociale effektiv iwwert eng Zäit absente war, mais awer natierlech remplacéiert gouf an doriwwer eraus och iwwer Handy an e-mail déi ganzen Zäit erreechbar war.

Den Office social vun der Gemeng Hesper war iwwer déi Absence informéiert ginn.

**Iwwerhëlt den OLAI och de Suivi vun dësen Haiser wa Renovatiounen oder Aarbechten ustinn?**

Bei staatlechen Haiser, wéi an dësem Fall, ass den OLAI a stännegem Kontakt mat der Administration des Bâtiments publics wa Renovatiounen ustinn.

Bei net staatlechen Haiser sinn d'Gestionnairen vum OLAI vun den Haiser mat dë Firmen, déi d'Aarbechte maachen, an direktem Kontakt.

**Wéi ass sécher gestallt dass dës Haiser an engem baulech gudden Zoustand sinn an och bleiwen?**

Den OLAI kontrolléiert d'Haiser zesumme mat der Administration des Bâtiments publics. Si ginn zesummen duerch d'Haiser a lancéiere, wann néideg, eng Etüde fir den baulechen Zoustand ze bewäerten.